D'Elise Noy erzielt wéi et dómols
zu Burschend war.

Dezember 1944

Samsdes de 16. Dezember, wei d'Flüchtlinge vum Houschtesbhaff ukoumen, sin déi Burschter gewuer gin dat d'Preisen eremkéimen. Sonndes, wéi d'Leit an d'Mass gang sin, soot de Paschtouer: « Geit hém, t'ass keng Mass, d'Preisen sin zu Schlëmmermanischt. » D'Leit hu séier dat néidigst zesumme geraft an op d'Wël gelueden. Am Nomëttig sin déi mëscht op Eschdurf gefuer. En etlich Familgen sin nach do bliwen. Kurz drop koumen d'Preisen op Burschend an hun déi lescht Pärd beschlagnahmt. Déi Leit koumen dun nit mei fort.

Méindes war dé ganzen Dâg zu Eschdurf «ausgehverbat». Owes wéi et geheescht huet: « D'Preise sin zu Heischend » huet ké mei durno gekuckt an d'Leit hun sech wech gemét.

Mer koumen owes bis an de Brätzerdall

Beim Aloyse Bourg hu mer geschlaf a sin den aneren Dag bis op Habscht gefuer.

al Leit vum Housen déi mat hirer Handkärchen nit méi viru koumen, gouwen op de Wol gesât an d'Kärchen hannendru gestréckt.

an der Kraizerbuch war grousse Chaos.

D'Wéi waren iwerlueden an d'Pärd waren um Enn. En etlich Pärd waren an der géier Steigung zesumme gebrach an hun d'Strooss blockeiert. En huet dem aneren alt viru gehollef an esou koume mer op Habscht. D'Durf war schon iwerfëllt mat Flüchtlingen an a verschiddenen Haiser huet eis Famill én Ennerdâg fend. (bei Fecken Nekel senger Schwester, beim Torber a beim Birkel)

Zu Burschend huet et en Kréschtdâg ellen erans gesin. Eis Nopeschlüt haten d'Pärd geholl kritt a koumen nit mei fort.


Zu 7 Leit souzen sie am Keller a sin do während engem Bombardement duach eng Phosphorbomm ens d'Liewe koum. (Famill Lemmer) Déi aner leit déi zu Burschend bliwe waren sin an d'Böscher gelaf, anerer hun sech um Flischterhaff an de Kellere verstoppt.

Ugangs Januar si mei Papp an ech mat der Pärdskutsch op Burschend gefuer kucke wéi et ging ausgesin. Vum eisem Haus stungen nach e puer Maueren an de Kamein. Am Staal louchen d'Béischten ënner dem Beton. Viirum Haus é Bommekrater vum e puer meter déif, hannen um Haus d'Schorbelen vum engem Flieger. Am Keller wou d'Preisen hir Funkstatioun haten louchen en etlich Zaldaten dout beim Kirschtbëmchen. Op de Stécker zweschend Kehmen a Burschend hun déi doudig Zaldate geléen mat den Dosenden.


Dat si Biller déi nit ze beschreiwe sin an engem odr nit méi aus dem Kapp gin. Mir hun d'Keier gemét a sin déprimméiert zeréck op Habscht gefuer.

D'Elise war d'Duechter vum Christophe Koob an Anna Dupong. * 1916
Hire Bruidder Emile war am Juni 1944 agezu ginn
Hire Bruudder Jempy war nach ze jonk
Hir Nopeschfamill Lemmer ass am Keller vun hirem Haff den 29. Dezember 1944 ëmkomm.

JESUS! MARIA! JOSEPH!



Madame Lemmer-Clesen Marg.
geb zu Burschend
den 8. Juni 1894



Har Lemmer Alphonse
geb. zu Biwer
den 12. Juli 1889.



Lemmer Henri
geb zu Burschend
de 15. Abrel 1930.



Lemmer Arthur
geb zu Burschend
de 24. Januar 1933.

Si si gesturwen zu Burschend, alle Ve'er, den 29. Dezember 1944, durch Flijerbommen, um Laf vun der lëster preisescher Wanteroffensiw.

†

Le'w Mamm,
Le'we Papp,
Le'wen Heini an Artur.

Fir éch hun No't a Lêd en Enn ;
Er Se'l huet dir nêss zreck an d'Hänn
Vum Herrgott a vum Mêster gin,
Fir e'weg frei a fro' ze sin.

Le'w Mamm! Deng Kanner schwiren hei
Um freschen Graw dir Le'wt an Trei.
Du g'ungs dohin — t' war vill ze fre' —
Dach net vergéss sew all deng Me'.

We' hues du dech, o Papp, geplot!
We' ne'deg wir eis 'lo dei Rot !
Dach rifft deng Stemm nach aus dem Graw:
„Hâlt fest un êrem Kannerglaw !"

Dir, Heini, Artur, dir sitt nét
We' fre'er me' an eiser Mett:
Schlôft ro'ueg néwend Mamm a Papp;
En Dâg, da stitt dir all nés op.

— We' d'Bommen nuets vum Himmel rof
Ech be's getraff a bângem Schlof !
We' Flâm a Feier éch emgin!...
... E Plang, dén d'Menschen ni verstin....

(De' leschte Bre'f)

1/950